103,6     100.3     antenne collective (Cabel)     XV 1

Vläg a schwéier Zeit / deser Stonn

d'Gesch vun der lëtz. Jugend am 2t Weltkr.

d'Mutilléiert

Am Laf vun dese Sendungen hate mir iwwert déi verschidde Schicksaale geschwat déi d'lëtzebuerger Méedercher a Jongen duerch d'Zwangsrekrutéierung an de Reichsarbeschtdingscht an an déi deitsch Wehrmacht am 2te Weltkrich erliewt ~~hat~~ hun an haten. Mir haten och déi verschidde Wéier beschriewen déi déi eng oder aner gange sin. Eso z. B. déi, déi sech konnten der Zwangsrekrutéierung entzéien, niewt et dass sie hei am Land verstoppt waren och an engem auslännesch Land ennergedaucht respektif ofgetollt goven d. h. ~~haaptsächlech~~ a Frankreich an an der Belgesch. Aner och an Holland oder Dänemark. Aner hun de Wé bis an d'Alliéiert Arméien fond an do aktif matgeholleft de Preis ze vernichten. Eenen Aner kumen a Gefangenschaft, wo se je no Chance nemme kuerzfristeg waren, aner iwwert Joren. Nach Aner haten nach mé gros Chance an ~~sin~~ hun ohni Gefangenschaft de Wé an dat liberéiert Lëtzebuerg nés zeréck fond. ~~Eng Categorie~~ ~~aner~~ Déi Ongléckleche vun ons awer hun hir Heemecht net mé erem gesin, si gefal am Duerchenéen emkom oder ~~an~~ ~~da~~ Gefangelageren elend zou Grond gangen. Eng aner Catégorie, waren ons Verlezt, Krank a Mutilléiert. Haut, an och nach an aner Sendungen wëlle mer ons mei speziel ~~mat~~ mat Schicksal vun desen Ongléckleche befassen. Wéi emmer an desen Emissionen si mir bestriefft, virum allem de Bericht aus der Vue vun Diddeleng ze analiséieren.

Dofir elo emol eng Analise iwwert déi Diddelenger Jongen.

~~557~~ Erënnere mer drun dass 557 Didd. J. Zwangsrekrutéiert goven

151 sin der gefal, vermësst, emkom respektif hun hir Heemecht net mei erem gesin.

406 haten also de Krich iwwerlieft

vun desen 406 waren der 106 verwonnt gin, dat heescht also mé wéi 25% oder an aner Wierder: all 4ten gouv verlezt.

Vun dese 406 Verwondter waren der 26 schwéier verwondt.

– Wat versti mir an deser Analis ennert schwéier verwond ?

Als schwéier verwond betruechte mir eng Amputatioun, dat léisst de Verloscht vun engem Hand, Arm, Fouss oder Béin, oder awer och dass duerch d'Verwondung eso e Glid steif gouf a bleift, respektiv och eng gesamt Lähmung.

Dann de Verloscht vun engem A oder Gesichtverstümmelung.

Awer och e Schoss an d'Longen oder an de Mo, so wéi och eng Kapp verletzung

– Ennert licht verwond consideréiere mir an deser Opzielung:

Splitter am Kiefer ohni dass des zou enger virdrun erwäinnter schwéier Verwondung geféiert huet. Dat schwecht och fir e Schoss an ~~e Glid~~, oder duerch e Glid.

Des weideren de Verloscht vun éngem Fanger. Och d'Erfréierung vu Féiss oder Händ wa kéin direkten verbleiwende Schued entstanen ass, ass an deser Catégorie vun "licht verwond".

Wa mer do ~~op~~ dei d'Verwondungen vun dénen 26 schwéier Verwondter ennersichen stelle mer fest dass doerenner 8 e Béin oder Foss amputéiert kruten. Et ass dest dei häefegst Verwondung an et kann é sech froen wolier keint dat. Onser Meenung no keint se duerch d'Verwonnen duerch Minnen, dat léisst de Betreffenden ass op eng Minn getrëf dé lim dann de Foss ~~respektiv~~ d'Béin eso ueg verlezt hut dass et huet missen amputéiert gin.

Dei näechst Meescht Verwondungen si Kappverletzungen wann Verloscht vun éngem A an Déler vu Knachen. Hei handelt et sech méechtens duerch e Schoss an de Kapp oder duerch d'Explodéieren vun enger Granat.

Natierlech si bei desen 2 grossen Catégorien vu ~~Verletzungen~~ Verwondungen nach nemmen é Béin oder Fouss, oder de Kapp verletzt gin mä och duerch d'Splitteren aner Déler vum Kiefer.

Hei ass do eng allgemeng Considératioun wat d'Suiten vun enger Verwondung betreffen ugestellt: Ass eng Armée um Viermarsch, oder leit se fest an enger Stellung an

en Zaldot gett verletzt, fällt hien an d'Hänn vu senger égener Armée, respektif ~~dt~~ kommen d'Sanitäter vu senger Eenheet, e gët zeréck an e Lazarett bruecht an kritt schnell Höll

Ass awer eng Armée um Réckmarsch, da gesäit et vill méi schlecht fir e Verwonnten aus. E muss vu senge Komeroden mat zeréck geschleeft gin wat enwerk dem Beschoss vum Gegner net einfach ass oder e bleiwt leien a fällt an d'Hänn vum Gegner. Hei ass et elo net méi déi schnell an direkt Höllef vun den égene Leit, mä d'Beurteelung vum Gegner wat mat him ze geschéie soll. An et kann é sech jo liicht virstellen dass déi ~~nofolgend~~ der Front nofolgend Armeeeinheeten sech éischter em hir Leit bekömmeren wéi em de Gegner géigt déi jo en der Ausbildung an och fleit aus Front-Erfahrung e grousen Haass entstanen ass. Et wor och dest déi grouss Angscht déi all Militärpersonn bei engem Réckmarsch hat, verwonnt ze gin an an d'Hänn vum Gegner ze fälen mat allen sech ausdénkenden Folgen. Par contre awer bei enger Armée um Virmarsch oder a festen Frontstellungen huet schon munchen éen sech e Schoss duerch en Arm oder Béin gewönscht huet, en sou genannten Heimatschuss an dodurch aus dem Inferno vum Frontgebiet eraus an zeréck an e Lazarett, eng ~~Spidol~~ Clinique an uschléissend an e Genesungsurlaub.

Losse mer awer elo ~~da~~ d'Klammer vun dësen Considératiounen zoumachen an zeréck op Lëtzebuerg kommen wou duerch des Muttleieich eng nei an net gekannten Situatioun entstanen ass.

— Virdrun awer e puer Takt Musek —

Wéi virdru gesot, kummen am Krich a speziell no sengem Enn eng Rei Problemer op ous Heemecht duerch hir krank a mutilléiert ~~jongen~~ Meederchen a Jongen. Lëtzebuerg war um 1. Weltkrich net ~~et~~ oder séier wéineg ~~duerch~~ mat d'Zaldote Schicksaale, d. léisst wat medezinesch Betreiung betrefft konfrontéiert. Iwwerhaapt huet ous Land nie richteg Krich gespillt net wéi ous Noperschlänner Frankräich an Däitschland. Ous Clinicken a Medeziner hate kéng oder séier wéineg Erfahrung mat Amputatiounen, Krichsverletzungen an och als Krankheet néif bei d'Malaria zitéiert. An elo koume plötzlech net nemmen honnerte vun eso Fäll fir dausender gin iwwerschratt. De Krich ass nach net eriwwer och wa

Lëtzebuerg schon befreit war, oder en huerz eriwwer duerch all seng Nokriegskomplikatiounen a Katastrofen. Ech nennen Lëtzebuerg hei Kranken a Mutilléiert, mä ~~et~~ d'alliéiert Arméien hu och des Kategorien vun Affer. Natierlech verfüge sie iwwert entspriechend ausgebildet Dokteren an équipéiert Spidoeler a Cliniquen.

Et geet och net duer dass en Aerm, ~~oder~~ ~~Bén~~ Fouss oder Bén amputéiert ass et muss och nu eng Prothèse gemaach ginn. An och mat enger Prothèse ass nach net alles gehollef a vergiess, mä an de meeschte Fäll dränkt sech och nach eng Rééducatioun op; eng Emschulung well dee geléierte Beruff net méi ka richteg ausgeüübt ka ginn.

Dest waren déi grouss Problemer déi sech net nemmen dem Mutilléierte gestallt hun, mä och senger Famill an doriwwer eraus ouserem Land. An et war net ~~dat~~ den eenzegste Problem, well och nach ~~xxxx~~ ~~fir~~ eng Fraugen, wéi den Opbau, d'Emorganiséieren hu missen an Ugreff geholl ginn.

Losste mer awer och hei net verheemlechen dass ons politesch Instanzen, a Regierungsleit net all ze hoffnes waren fir der geaffert Generatioun ~~ze hëllefen~~ all Hëllef zoukommen ze loossen. Erënnere mer nemmen drun, an hei op dëser Tribün ass schon öfters dovun geschwat ginn, un d'Lidden vun de Remorséierte Jongen, un de Rapatriement vun de Gefaangenen., Privat Initiativen hu missen ergraff ginn: esou d'Elterevereenegung déi och d'L.O.J. Am Fall vun de Mutilléierte war et änlech. Eis Dokteren a Cliniquen konnten net maximal hëllefen an et huet missen op d'Ausland zeréck gegraff ginn. Esou huet och hei en Dokter an zwar en Zänndokter den Dr. René Schroeder op privater Basis d'Initiativ ergraff fir ons Mutilléiert ~~an~~ ~~eng~~ spezialiséiert Clinique ze bréngen an zwar ~~op~~ no Reims a Bar-le-Duc. Zesummen mat der L.O.J. den Amicshauer ~~xx~~ huet den Dr Schroeder villen vun ousere ~~Verwonn~~ schwéier Verwonnten schnell an efficace gehollef.

Och ons Sektioun, d'Sektioun Diddeleng vun der L.O.J. huet sech aktiv agesat fir den Diddelenger Kameroden ze hëllefen.

XV-5

Ero welle mir ~~[illegible]~~ ~~[illegible]~~ aus der Dokumentatioun stellvertriedend fir vill Beméerden e puer Bréiwer zitéieren:

~~An~~ A sengem Bréif vum ~~Juni~~ 27 Juni 1945, schreiwt der Dr Schroeder un d'Sektioun Diddeleng
also en décke Mount no Kriidsenn

Dr MÉD. DENT.
RENÉ SCHRŒDER
LUXEMBOURG
11a, AV. MONTEREY - TÉL. 4484

LUXEMBOURG, LE 27. Juni 1945.

Ligue " ONS JONGEN "

Section Dudelange

Als Organisator vun de Convoien mat onse blesséerte Jongen no Bar-le-Duc an amerikanesch Spezialbehandlong bié-den ech Iech mir direkt eng Opstellong vun dénе Jongen zokommen ze loßen, dé durech eng Spezialbehandlong éventuell gehélt könne gin.

A Fro kommen awer nemmen Jongen, dé sech enger Operation mussen önnerzéen.

Fäll vu Malaria, Tuberkulos, Massage, Bestrahlungen, Prothesen ( Béen, Hänn an Ârem ) gin net ugeholl. Dégéneg Jongen dé éen Ae verlueren hun an é könschtlescht Ae brauche , gin behandelt.

Well ech nun dé ganz Sach eleng organiséeren ( den Här Minister KONSBRÜCK huet d'Sach mat den Amerikaner arrangéert), wöll ech dé Sach och ganz gewössenhaft durechféeren. Ech verlangen dofir vun all Section, datt si mir vun all Jong, dén a Fro könnt, eso séer wé méglech folgend Donnéen matdélt. ( et gät jo net, datt all klang Spleit soll vun engem Spézialist erausgeholl gin !!!)

1. Num, Address a Geburtsdatum
2. Définition vun der Verletzong ( Arem, Kapp, Béen, Hals, Longeschoßs, Nerven- , Muskel-, Knache a beschiédegong, Wonnen dé éeteren, Ae verluer, a. s. w. .. )
3. Ongeféeren Datum vun der Verwonnong
4. Attest vum Dokter oder Eerewuert vum Jong, dat hei am Land neischt mé ka gemach gin, mais datt durech eng Spézialbehandlong eng Besserong oder esoguer eng ganz Hélong kann antriéden.
5. Wo de Jong schafft, sei Verdingscht, oder wann hien eng Önnerstötzong kritt, wé héch ass dé a vu wém hien se kritt.
6. Datt de Jong mat d'accord ass fir zur festgesatener Stonn matzefueren a Behandlong.
7. De Jong muss propper sin ( ké freiwöllegen R. A. D. )

Also mглéchst séer eng Äntwert et ass fir onse blesséerte Jongen ze hellefen.

Dr Schroeder

XV 6

An der stellvertriedend fir verschidde Bréiwer vun der Sektioun Diddeleng un den Här Dr. Schroeder René Lëtzebuerg

E Bréif vum 12 Juli 1945

D'Ligue "ONS JONGEN" Sectio'n Dideleng dél
Iech d'Personalien mat vun déne 4 Jongen de' fir d'Behand-
long zo' Bar-le-Duc a Frô kommen:

Fir verstitt dass ech hei kéng Nimm, an Adressen ziléeren, mä et sin alles Diddelenger Jongen

Den 1.

1. Unbekannt Alfred geb. 9.11.26. Letzeburg
wunnhaft: Zouftgerstrôss 132 Dideleng
Verwonnong: Lénkse Kne' Explosivstrei'fschoss
Schaft op der Schmelz, (schaft nach nöt)

Den 2.

2. Woeffler Robert geb.10. 8.24. Dideleng
wunnhaft: Stâdthau'splatz 43 Dideleng
Verwonnong: Granatsplitter rechts Bau'chseit.
Steckschoss lénken a rechte Kne'.
Verwondt ginn den 19.2.1945. - Schaft nöt.

Den 3.

3. Urbany Jean geb.21.12.25. Dideleng
wunnhaft: Wîssestrôss N°45 Dideleng
Verwonnong: Kappschoss den 31.12.1944.
Huet op der Schmelz geschaft.(schaft nach nöt.)

Den 4.

4. Hiertz Bernard geb.28. 8.23. Dideleng
wunnhaft: Wâsserstrôss N°1 Dideleng
Verwonnong: Longesteckschoss rechts - rechten
Ârm Gelenkfractur.-
schaft nöt (huet zo' Volmerange-les-mines(Lor.)
an der Minière geschaft.

Dann e Bréif vum 16. Juli 1945 - nach eng Kéier 4 Diddelenger fir no Bar-le-Duc

Den 1.

1.Schmitt Roger geb.31.1.1922. Burgle'nster
wunnhaft: Brunnenstrôss N°38 Dideleng
Verwonnong:Longesteckschoss rechts - Trombose am lenk
Bén - Bau'chschoss - Steckschoss am rechte
Schöllerblâtt -
Schaft [illegible] op der Gemèng Dideleng um (Büro)

Den 2.

2.Mathieu Nicolas geb.13.5.1922. Dideleng
wunnhaft: Emile Mayrischstrôss N°15 Dideleng
Verwonnong:Radialisslähmong & Schossbroch lénken Ârm
Schaft nöt,huet beim Bauer geschaft.

Den 3.

3.Gross René geb.16.2.1922. Pareis
wunnhaft: Liberatio'nsstrôss N°101 Dideleng
Verwonnong:Granatsplitter am rechten Onnerschenkel -
d'Fe'ss erfrûr - rechte Fo'ss d'Ze'wen ste
Schaft nöt,huet op der Schmelz geschaft.

Dc 4.

4.Strasser Xavier geb.31.1.1925. Dideleng
wunnhaft: Suftgerstrôss N° 103 Dideleng
Verwonnong: Armdurchschoss rechts & Radialisslähmong
Stecksplitter recht Höft - Splitter sötzt
Kreizbén - Blasen-u.Mastdarmlähmong -
Gebësstreifschoss mat dem Verloscht vun
3 Zänn.

schaft nöt, huet op der Schmelz geschaft.

Ausser Reims a Bar-le-Duc kommen nach aner speziliséiert Cliniquen a Fro.
So fënnt ech z.B. am Brief vun der L.O.J. Sekt. Didd. vum 10 August 1945

Fir d'Behandlong no Commercy könnt des Ke'
nömmen é Jong a Frô an zwar:

| | |
|---|---|
| L E N Z | Fernand |
| Geb. zo' | Metz den 13.7.1921. |
| wunnhaft: | Martinstrôss N° 17 Dideleng |
| Verwonnong: | Oberschenkeldurchschoss mat Läh- mong am Fo'ssgelenk. |

Hien huet zo' Remeleng bei der Firma Kihn gescha
Kann elo nach nöt schaffen a Könnt fir de' Arbe
och nöt me' a Frô.

An als leschte Beispill e Brief vum 17. August 1945.

Fir d'Behandlong no Reims Könnt des Ke'er
ĕ Jong a Frô:

| | |
|---|---|
| P E T E R S | André |
| Geb. zo' | Dideleng den 20.10.1925. |
| wunnhaft: | Emil Mayrischstrôss N°86 |
| Verwonnong: | Granatsplitter am lènke Kne' |
| | id. rechte Fanger |

Huet beim Kuelenhändler-Gauthier zo' Dideleng
geschaft; schaft elo nach nöt.

An enger nächster Sendung kenne mir och d'Aktivitéit vum Dr ~~Ed~~ René Schroeder op nationaler Basis analiséieren an och wéi hien zesummen mat der L.O.J. ville Mutiléierte gehollef huet doduerch dass se op privater Initiativ an d'Hänn vu spezialiséierten Franséischen an Amerikaneschen Doktere komm sin, déi hirt Schicksal wéinegstens e bessen amélioréiere konnten. Während ~~et~~ weder op lokaler Basis, also vun de Gemengen aus nach op nationaler Basis also ~~vun de~~ Regierungsseiteg aus ~~verdichten gelëscht~~ seriös Hellefsmoossnahmen an d'We

hätte mir e gelech gin lueh alt eem d'L.C.J. mat Hëllef vun de Sektionen
"Fiche de renseignements concernant les mutilés et les blessés de guerre Luxembourgeois"
entworf, ausfölle gelos, an archivéiert.
Hei 2 Beispiller aus der Sektioun Diddeleng: Ouni d'Nimm ze nennen:
gebuer den 27.12.1920.

*Nature de la blessure:* amputation au pied droit

Amputation de la jambe droite entre le 1/3 moyen et inf. avec cicatrice vicieuse de moignon.

*Profession excercée avant la blessure:* ouvrier de l'usine.

Ou dann um selwechte Froebo' de

CERTIFICAT MÉDICAL ~~DU~~ vum MÉDECIN EXPERT:

dén d'Amputatioun bestätegt an eng

Amputation de la jambe droite entre le 1/3 moyen et inf. avec cicatrice vicieuse du moignon.

Opération: 20.9.45. Réamputation. virgeseit. d' Operatioun vum 2. Sept. 1945

Ennerschriwen

Dr. René Schuman
Chirurgien
Dudelange

p. o. [signature]

E ganzen Fiche de Renseignements
vum Georgi séng gebuer den 18.1.1920
Profession excercée avant la blessure: ouvrier
An de Medecin expert schreiwt:

~~Müller Georges~~: éclats dans les 2 jambes par suites de mines occasionnant des cicatrices fixantes.
Impetigo et scabies + Diarrhée
mauvais état général
incap. de travail à 2 mois

dann 2 informatiounen déi ech net liese kann a wëlles

[stamp: Dr Fernand ... Dudelange] [signature]

Ew weit ons Sendung vun haut iwert ~~dei~~ Diddelenger Zwangsrekruteiert dei Krank a verwondt heem kummen, a wei ons Sektioun Diddeleng gehollef huet hinnen hirt Schicksaal e bessen ze erliichteren.